

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Am Règlement grand-ducal du 12 mai 2010 fixant les modalités du contrôle de la connaissance des trois langues administratives pour le recrutement des fonctionnaires et employés des administrations de l'Etat et des établissements publics heescht et am Art. 3:

«En fonction de son niveau de carrière, le candidat déterminera laquelle des trois langues constituera sa première, sa deuxième et sa troisième langue. »

Am Hibléck op déi ënnescht Karriären steet am nämmechten Artikel:

«En ce qui concerne les épreuves préliminaires organisées pour les carrières inférieures, les niveaux de compétences à atteindre tant pour la compréhension de l'oral que pour l'expression orale dans les trois langues sont fixés comme suit:

niveau B1 pour la première langue
niveau A2 pour la deuxième langue
niveau A1 pour la troisième langue»

Well dës Virschräfte jo och fir de Rekrutement bei der Police gëllen, ass et deemno esou, datt e Policebeamten an der ënneschter Karriär, dee Lëtzebuergesch als drëtt Sprooch ugëtt, just e Niveau A1 an dëser Sprooch brauch.

Dowéinst wéilte mir dem Här Policeminister dës Froe stellen:


1. Ass den Här Minister sech bewosst, datt de Niveau A1 just ganz rudimentär Kenntniser vun der Sprooch viraussetzt, wuelwëssend, datt et fir e Policebeamten zu Lëtzebuerg onverzichtbar ass, fléissend an ouni sproochlech Barrierë kënnen op Lëtzebuergesch ze kommunizéieren?

2. Ass den Här Minister der Meenung, datt déi sproochlech Kompetenz am Hibleck op d'Lëtzebuergesch onbedéngt misst eropgesat ginn, fir datt och e Policebeamten an der ënneschter Karriär senger Aufgab voll a ganz gerecht gi kann?
3. Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader kann een domat rechnen, datt déi sproochlech Ufuerderungen an deem Hibleck iwwerschafft an no uewen ugepasst musse ginn? Wéi ee sproochlechen Niveau gedenkt den Här Minister fir d'Lëtzebuergesch virzeschreien?
4. Wéi eng sproochlech Ufuerderungen, besonnesch am Hibleck op d'Lëtzebuenger Sprooch, solle fir d'Karriären A1, A2 a B gëllen? Wéi en Niveau ass fir den Interview an der Lëtzebuenger Sprooch virgesinn? Wéi verleeft den Interview a wéi laang dauert en? Sinn déi Leit, déi de Sproochenniveau sollen iwwerpräiwen, dofir besonnesch qualifizéiert? Wa jo, wéi? Wann nee, firwat net? Ass et eliminatoresch, wann ee Kandidat fir an d'Police net fléissend Lëtzebuergesch schwätze kann?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Fred Keup
Deputéierten